PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

QP N°2261

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:25, 25/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Den 20te Mee 2020 am koum owes de Formulaire eraus, fir eng Verlängerung vum “congé pour raison familiales lié à la pandémie covid 19” ufroen ze kënnen. Den 21te Mee war ee gesetzleche Feierdag, soudass nëmmen nach de Freiden als Wochendag iwwreg bleift, fir de Formulaire virum Auslafe vum ale Congé auszefëllen an ofzeschécken. Op guichet.lu steet des Weidere geschriwwen:

> “Une nouvelle demande du congé pour raisons familiales est à introduire même si vous avez déjà effectué une demande avec le formulaire qui a été mis en ligne le 30 mars 2020.“

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei kann eng Persoun zäitlech, an nëmmen **engem** Schaffdag, ee Formulaire ausfëllen, ofschécken an eng Äntwert erwaarden?

2. Falls Persoune bis de Méinden, de 25te Mee keen Accord vum Ministère op hire Congésdemande kréien an duerch hire Kanner doheem bleiwen **mussen**, kéint dëst als Refus de Travail consideréiert ginn oder sinn d'Salariéeën hei op iergend eng Weis geschützt ?

3. Op guichet.lu steet :

   > “Le parent qui a recours au congé pour raisons familiales doit **informer son employeur au plus vitede manière orale ou écrite en indiquant le début et la fin du congé**. “

   Esou munch Betriber hunn de Bréckendaag am Mee allerdéngs genotzt, fir net ze schaffen.
   - Wéi kënnen dës Salariéeë virum 25te Mee de Patron iwwert dëse Formulaire

informéieren?
- Wéi soll ee Patron seng Schichtepläng vum 25te Mee richteg opstelle kënnen, wann hie fréistens den Dag selwer eng Äntwert vu sengem Salarié kritt?

4. Kann ee Patron vu sengen Ugestellten verlaangen während dem Congé pour raisons familiales iwwer PC oder Handy disponibel ze sinn oder verschidden Aufgaben ze iwwerhuelen?
    - Falls nee, wéi stellt de Minister sécher, dass sech och doru gehale gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (25.05.2020)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:12, 26/05/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
L-2450 LUXEMBOURG

Luxembourg, le 25 mai 2020

Agent en charge M. Armin Skrozic
Tel : 247 86122
Courriel : armin.skrozic@mt.etat.lu
Référence interne MT/SA/QP/QP N°2261

Concerne : Question parlementaire N°2261 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

pr. le Ministre du Travail, de l'Emploi
et de l'Economie sociale et solidaire

Tom OSWALD
Coordinateur général

Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentesch Fro n°2261 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen

Ad. 1 an Ad. 2

Et sieff dorop higewisen, dass den Salarié fir d'éischt eemol obligéiert ass sengem Patron Bescheet ze gin, ob mëndlech oder schréftlech, ab wéini an bis wéini hien op de Congé pour raisons familiales zreckgraife muss. Et ass kloer, dass all déi vum honorablen Deputéierten opgezielten administrativ Démarchen net ëmmer an engem Dag kënne gemaach gin, dofier ass et och meiglech den Certificat, bzw d'Piècen déi dozou gehéieren, nozereechen fir den Dossier ze komplétéieren.

Den Certficat deen de Patron spéider gescheckt kritt, ass par contre unzegesin wéi e Krankeschain am Sënn vun den Artiklen L.234-53 an L.234-54 vum Code du travail, sou dass den Salarié vun engem méiglechen Licenciement während der Zäit wou hien am Congé pour raisons familiales ass, geschützt ass. De Salarié huet also déi selwëscht Rechter mee och Pflichten ewéi an der Situatioun vun enger Krankschreiwung.

Ad. 3

De Salarié huet wéi uewen schons erwähnt d'Obligatioun sengem Patron Bescheet ze gin ab wéini an bis wéini hien op de Congé pour raisons familiales zreckgraife muss. Déi administrativ Démarchen, also de Formulaire ausfëllen, ënnerschréiwen an un den Patron an d'Gesondheetskees schécken, mussen dann schnellstméiglech gemach ginn ouni, dass elo e konkreten Délai virgeschriwwen ass.

Et ass kloer, dass all déi néideg Mesuren déi vun der Regierung an de läschten Wochen an Méint wéinst dem État de crise geholl gouffen, net nëmmen en Impakt op den Alldag mee och op d'Aarbechtswelt allgemeng hun. Sou stellen sech natierlech och fir de Patron eng Rei organisatoresch Défien wann seng Salariéen kuerzfristeg de Congé pour raisons familiales huele mussen. An dëser schwiereger Zäit fir ons all, mussen also suwuel d'Salariéen ewéi och d'Patronen pragmatesch virgoen fir eng Léisung ze fannen.

Ad. 4

Wéi schons uewen beschriwwen, gëtt den Certificat de congé pour raisons familiales am Kontext vun der Pandemie Covid-19 als e Krankeschain am Sënn vun den Artiklen L.234-53 an L.234-54 vum Code du travail ugesin. Dat heescht also och, dass de Salarié vun der Aarbecht fräigestallt ass fir dass hien op seng Kanner opasse kann. Demno kann den Patron och net vu sengem Salarié verlangen, dass hien während der Zait wou hien am Congé pour raisons familiales ass, weiderhin disponibel soll sin oder schaffe muss.

Bei Mëssbrauchsfäll kënnen d'Salariéen natierlech d'ITM kontaktéieren.